

ZOOM. ■ D'STUDENTENZEITUNG



IWWERBLÉCK

Journée politique 2020	
04	Den 10. Oktober huet d'Journée politique vun der ACEL stattfonnt. Dës stoung ënnert dem Thema „ACEL meets Politics – Krut Schengen seng Grenzen opgewisen?“.
Afloss vun der sanitärer Kris	
05	D'Verbreedung vum COVID-19 huet de Studenten hiren Alldag fundamental verännert, esou dass dës vill Hürden ze iwwerwältigen hunn.
Guide – De Studenteguide	
07	Dëst Joer huet d'ACEL déi 2. Editioun vun hirem „de Studenteguide“ rausbruecht déi un ronn 4.000 Schüler am Grand-Duché verdeelt ginn ass.
Studentefoire goes digital	
10	Den 12. an 13. November 2020 fënn d'Foire de l'Étudiant digital statt. Hei ass d'ACEL dëst Joer zesumme mat hire Membercerclé vertrauten.

Virtuelle Student fir 1 Dag	
12	Wéinst der Verbreedung vum COVID-19 konnten d'Dagesreese vum Student fir 1 Dag net wéi geplangt an deenen 22 Stied stattfannen. De Student fir 1 Dag ass online ofgehele ginn.
Stagëgesetz	
13	Dat neit Stagëgesetz ass no 3 Joer gestëmmt ginn. Déi wichtegsten Dispositionen zu dësem Gesetz ginn hei erkläert.
Der ACEL hir Membercerclen	
14	D'ACEL huet am Ganze 46 Membercerclen déi an 9 verschidde Länner aktiv sinn an de Schüler a Studente wichteg Froen zum Studium beäntwert kënnen.



Table ronde – Journée politique 2020 um Belval

VIRWUERT

Léif Lieserinnen, Léif Lieser,

Am Numm vun der ACEL – De Studentevertrieeder freeën ech mech ganz häerzlech, lech dës Editioun vum Zoom virzustellen, déi am Kader vun der Foire de l'Étudiant erauskënnt.

Eng vun der ACEL hire wichtigsten Aufgaben ass et, d'Schüler an d'Studenten ze informéieren, sief et iwwert hir Méiglechkeeten, studéieren ze goen oder wéi si beschtméiglech d'Hürden an hirem Alldag als Student bewältege kënnen, an awer och de Studenten déi wichtigst Informatiounen ronderëm den Aarbechtsmarché mat op de Wee ze ginn.

Am Zoom kritt Dir en Abléck iwwert d'Aarbecht, déi de Piliere vun der Informatioun, der Representatioun an dem



Christelle MAY
Vizepresidentin Informatioun

Regroupement dat ganz Joer iwwer gelescht huet.

Am zweete Semester vum akademesche Joer 2019/2020, sinn d'Studente mat enger ganzer Rei Problemer konfrontéiert ginn. D'Ausbreedung vum COVID-19 huet de Studenten hiren

Alldag vu Grond op verännert an huet dozou geféiert, dass d'ACEL zesumme mat den zoustännege Ministèren no Léisunge gesicht huet, fir d'Studenten an dëser Zäit ze ënnerstëtzen.

Dëst Joer huet d'ACEL eng Journée politique organiséiert, déi ënnert dem Thema „Krut Schengen seng Grenzen opgewisen?“ stoung. Dës Rencontre huet de Studente wéi och den Invitéen d'Méiglechkeet ginn, un engem Austausch zu dësem wichtigen Thema deelzehuelen.

Ee grouse Merci geet un all eis Cercle a Partneren, ouni déi mir eis Aarbecht net esou kéinten ëmsetzen, wéi mir dat an deene leschte Jore gemaach hunn.

Mir wënschen lech vill Spaass beim Liesen.



WAT ASS D'ACEL?



D'Association des Cercles d'Étudiants Luxembourgeois (ACEL) ass ee Comité den aus Lëtzebuurger Studente besteet, déi als Zil hunn, d'Schüler an d'Studenten aus dem Land iwwert déi verschidde Studiëgänger ze informéieren, se reegelméisseg zesummenzebréngen an se duerch ee permanente Kontakt mat deene verschiddene Ministèren, ze representéieren.

D'ACEL ass 1984 gegrënnt ginn an huet sech säitdeem als Missioun gesat, dass d'Studente besser gehéiert solle ginn. D'Association ass zanterhier net méi aus dem Lëtzebuurger Studentemilieu ewechzedenken. Haut vertritt d'ACEL iwwert 40 Studentecercle, déi duerch d'ganz Welt verdeelt sinn. Et fënnt ee se an Däitschland, a Frankräich, an der Belsch, zu Lëtzebuerg, an

Éisträich, an der Schwäiz, a Groussbritannien, an Holland an an den USA. Dës Cercle empfangen d'Lëtzebuurger Studente während hirer Studienzäit an hirer Studentestad a ginn de Studenten d'Méiglechkeet, u flotten Eventer deelzehuelen.

Dernieft ginn et nach déi fachspezifesch Cercle. Dozou gehéieren d'Medezins-, d'Ekonomie-, d'Droits-, d'Psychologie-, d'Archivistik/ Bibliothekär-, d'Ingenieurs-, d'Kommunikatiouns- an d'BTS-Studenten.

Dës grouss Unzuel u Cercle méischt d'ACEL zum gréissten a wichtegste Studentevertrieeder zu Lëtzebuerg.

WAT ASS D'AUFGAB VUN DER ACEL?

MIR REGROUPÉIEREN

Ee vun den ACEL hiren dräi Haaptziler ass et, d'Studenten aus deene verschidde Stied zesummenzebréngen. Dofir organiséiert d'ACEL alljoers verschidden Eventementer. Ee vun deene gréissten Eventer ass „De Studentebal“ deen alljoers am Juli stattfënnt. Mat sengem eenzegaartege Konzept bréngt en an engem Owend déi verschidde Kulturen an Traditionen aus deene verschiddene Studentestied zesummen.

Ee weidert Event ass den „Tournoi de Noël“, deen alljoers am Dezember stattfënnt an deene verschiddene Studentecercle d'Méiglechkeet gëtt, während 2 Deeg, am Basket, am Volleyball an am Fussball géinteneen ungetrieden.

Och d'Réunion Européenne des Étudiants Luxembourgeois (REEL), déi



all Joer ronn 150 Lëtzebuurger Studenten an enger europäescher Studentestad zesummebréngt, ass ee wichteg Event, dat d'Studente vereent.

MIR INFORMÉIEREN

Der ACEL ass et wichteg, dass d'Schüler an d'Studenten iwwert hir Méiglechkeeten nom Lycée, während dem Studium esou wéi och no de Studien informéiert ginn.

Fir dës Zil ze erreechen, bréngt d'ACEL alljoers verschidde Publikatiounen eraus. Am „Guide du Futur Étudiant“ fannen d'Schüler all déi néideg Informatiounen iwwert déi verschidde Studentestied, wéi och iwwert déi verschidde Formatiounen, déi an deenen eenzele Länner ugebuede ginn. „De Studenteguide“ riicht sech un d'Studente während hirer ganzer Studienzäit. Nieft deene wichtegsten Informatiounen ronderëm d'Studenteliewen, wéi dem Finzement vum Studium oder hëllefäräich Tipps zur Wunnengssich, informéiert dës Broschür och iwwer Besonneschkeeten a verschiddene Länner. De „Guide du Futur Diplômé“ gëtt de Studenten eng ganz Rei vun Informatiounen mat op de Wee, déi hinnen de Start an d'Berufswelt erliichtere soll. Niewent dësen dräi Publikatiounen geet d'ACEL och reegelméisseg an déi verschidde Lycéeën uechtert Land, fir d'Schüler iwwert d'Studien ze informéieren.

Fir de Schüler bei hirer Entscheidung iwwer zukünftige Studien ze hëllef, organiséiert d'ACEL alljoers de „Student fir 1 Dag“. Hei hunn d'Schüler

d'Méiglechkeet, mat engem Bus an hir zukünftige Studentestad ze fueren a sech op der Plaz vun de Lëtzebuurger Studenten d'Stad, d'Uni an aner Raimlechkeeten weisen ze loossen.


D'Schüler kommen esou a Kontakt mat de Lëtzebuurger Studenten a kënnen sech all hir Froen iwwert d'Studenteliewe beäntwere loossen.

D'ACEL an hir Membercercle sinn och alljoers op der „Foire de l'Étudiant“ vertueden, déi am November stattfënnt, fir den zukünftige Studenten esou vill wéi méiglech nützlich Informatiounen mat op de Wee ze ginn an hinnen all hir Froen, wat d'Studieren ugeet, ze beäntwerten.

MIR REPRESENTÉIEREN

Nieft dem Regroupement an der Information, vertritt d'ACEL d'Studenten virun den Autoritéiten a verdeedegt hir Rechter. An dësem Kontext steet d'ACEL a reegelméissegem Dialog mat de verantwortleche Ministèren, ënner anerem dem Ministère fir Héichschoulbildung a Fuerschung, wéi och dem Aarbechtsministère. D'ACEL ass awer net nëmmen national aktiv, mee hëllef och de Studenten am Ausland bei Problemer mat den Autoritéiten.

D'ACEL ass ideologesch a politesch neutral, dat heescht, datt si keng bestëmmt parteipolitesch Meenung vertritt. Dat ass extrem wichteg, well d'ACEL dem Usproch, all d'Studenten ze representéieren, wéll gerecht ginn.



WEEN ASS D'ACEL?

Du hues dech schonn ëmmer gefrot wien alles hannert der ACEL stécht?
Hei hues du ee klengen Iwwerbléck iwwert eise Comité.



Sven BETTENDORF
President
Chemieingenieurwesen
zu München



Christelle MAY
Vizepräsidentin Informatioun
Management des Projets Internationaux
zu Stroosbuerg



Polina BASHLAY
Comitésmember Informatioun
Bauingenieurwesen
zu Karlsruhe



Yannick BOEVER
Comitésmember Informatioun
BTS Génie Technique
zu Lëtzebuerg



Catherine NILLES
Comitésmember Informatioun
Psychologie/Anthropologie
zu Aberdeen



Cyrielle DAUMER
Vizepräsidentin Regroupement
Psychologie sociale, du travail et
des organisations zu Nanzeg



Lou PEPIN
Comitésmember Regroupement
Enseignement Secondaire -
Filière allemand zu Lëtzebuerg



Lynn DUCHAMP
Comitésmember Regroupement
Anthropologie
zu Wien



Benjamin KINN
Vizepräsident Representatioun
Medezin
zu Frankfurt – am – Main



Laura LOPES
Comitésmember Representatioun
Relations internationales, sécurité,
paix et conflits zu Bréissel



Max KASEL
Comitésmember Representatioun
Medien- a Kommunikationsmanagement
zu Heidelberg



Michelle HEYDER
Sekretärin
American Studies
zu Berlin



Charel MARCY
Tresorier
Fahrzeugtechnik und Transport
zu Oochen



Ruben CARVALHO
Informatiker
BTS Informatique
zu Lëtzebuerg



Lara SCHNEIDER
Grafikerin
Kulturwissenschaft
zu Berlin

JOURNÉE POLITIQUE

ACEL MEETS POLITICS – „KRUT SCHENGEN SENG GRENZEN OPGEWISEN?“

Nodeems d'REEL 2020 zu München weinst der aktueller sanitärer Kris misst ofgesot ginn an dowéinst och deen esou wichtege politeschen Deel net konnt stattfannen, huet d'ACEL entscheet, den 10. Oktober 2020 eng Journée politique zu Lëtzebuerg ze organiséieren fir den Dialog tëscht der Politik an de Studenten ze fërderen an ze encouragéieren. D'REEL ass d'Ofkierzung fir „Réunion Européenne des Étudiants Luxembourgeois“, an heescht op Lëtzebuergesch iwwersat: „Europäesch Versammlung vu Lëtzeburger Studenten“. D'REEL ass en Event, dat alljoers an enger anerer Studentestad stattfënnt an iwwert 4 Deeg geet. Alljoers ass d'REEL e ganz wichtegt Event fir Politiker a Studenten un een Dësch ze bréngen an u gemeinsamen Ziler ze schaffen an Iddien auszetauschen. Zum Beispill ass den Projet vum Stagëgesetz, dat dëst Joer den 20. Mee an Kraaft getrueden ass, am Austausch tëscht den Studenten an dem deemolegen Aarbechtsminister Nicolas Schmit op der REEL 2017 zu Köln a Bonn an d'Liewe geruff ginn. Aus deem Grond huet d'ACEL et ëmsou méi fir wichteg fonnt, dësen Austausch tëscht politescher, wirtschaftlecher, sozialer Welt an der Studentengemeinschaft an engem Joer, wou vill nei Erausforderungen a nei Problemer entstanden sinn, ze erhalen.



De Schengenaccord, deen dëst Joer säi 35. Gebuertsdag feiert, sollt net nëmmen am Mëttelpunkt vun der REEL 2020 stoen, mee et war och d'Thema vun dëser Journée politique. Déi lescht Méint hu gewise, wéi séier d'Grenzen och am Schengeraum kënnen zougemaach ginn an zu wat fir Problemer dëst virun allem an de Grenzregiounen féiere kann. Vill Studenten aus Lëtzebuerg, déi an engem anere Land studéieren, goufe staark an hirer Mobilitéit ageschränkt a virun eng nei Situatioun gestallt, déi eng grouss Majoritéit vun hinne bis dohin net kennt huet. Och wann et scho virun der COVID-19 Pandemie vill Problemer innerhalb dem Schengeraum gi sinn, sou huet dës sanitär Kris op neits gewisen, dass nach vill verbessert muss ginn. „Krut Schengen seng Grenzen opgewisen?“, dat ass d'Fro ëm déi sech d'Journée politique haaptsächlech gedréint huet.

Um 14:00 Auer huet d'ACEL d'Participanten am Groussen Auditoire an der Maison du Savoir um Campus Belval empfaangen. Kuerz no 14:30 Auer huet den Här Sven Bettendorf, President vun der ACEL, d'Journée politique mat engem Virtrag ugefaangen.

Den Ufank vun der offizieller Journée politique huet den Här Minister Claude Meisch, Minister fir Educatioun, Kanner, Jugend, Héichschoul a Fuerschung, mat engem Virtrag zu den Erausforderungen vun engem Studium an Zäite vu Corona gemaach. Duerno konnten d'Participanten hir Froen un den Här Minister Meisch richten an hir Meenungen virdroen, wat fir eng flott an interessant Diskussioun gesuergt huet. Eng vun den gréissten Suergen, souwuel vun den Studenten wéi och vum Här Minister Meisch, déi während der Froeroun och diskutéiert gouf, war den Iwwergang vum Studienofschloss an d'Aarbechtswelt deen elo duerch déi aktuell sanitär Kris net esou evident ass.

Nom Virtrag vum Här Minister Meisch waren 30 Minutte Paus, éier et dun mat der Table ronde zum Thema „35 Joer Schengen: ass alles perfekt? - Problemer vun de Studenten an engem vereenegten Europa“, weider gaangen ass.



D'Invitéen vun der Table ronde waren den Här Nicolas Schmit, fréieren Ambassadeur an Aarbechtsminister an aktuellen europäesche Kommissär fir Jobs a sozial Rechter, den Här Charles Goerens, Member vun der DP a säit 2009 Europadeputéierten, d'Madamm Viviane Reding, déi fréier Europadeputéiert an europäesche Kommissärin an aktuell Member an der CSV-Fraktioun an der Chamber, d'Madamm Karin Basenach, Direktesch vum ECC – European Consumer Centre Luxembourg an den Här Sven Bettendorf, den fréieren President vun den Lëtzeburger Studenten zu München an aktuelle President vun der ACEL. Moderéiert gouf Diskussionsronn vum Här Pierre Jans.

Duerch d'Entwécklung vun der Pandemie an Europa, sinn d'Grenzproblematik an d'europäesch Kooperatioun immens wichteg Themen, déi aus dësem Grond am Mëttelpunkt vun der Table ronde stoungen.

No der Erhéijung vun der Unzuel vun den Infektiounen Enn September, waren vill Studenten, wéi och aner Persounen, déi reegelméisseg tëscht Lëtzebuerg an sengen Nopeschlänner pendelen, mat änlechen Erausforderunge konfrontéiert, wéi et virun ee puer Méint schonn am Juni an am Juli de Fall war. Während dëser Period war d'ACEL am permanente Kontakt mam lëtzebuergeschen Ausseministère. Duerch déi gutt Zesummenaarbecht, war et méiglech, nodeems de Grand-Duché vum Robert Koch Institut (RIK) als Risikogebitt agestuuft ginn ass, ze verhënneren, datt verschidden Universitëten den lëtzebuergesche Studenten verbidden, d'Universitätsgebaier ze besichen oder dass déi Persounen, déi dorop ugewisen sinn, all Dag aus professionellen oder och privaten Grënn iwwert d'Grenz ze fueren dëst net méi däerfen. Während der Table ronde konnten sech déi fënnef Invitéen dorop eenegen, dass et haaptsächlech drëm geet eng europäesch an gemeinsam Äntwert ze fannen an net eng individuell Member-Staat-Äntwert, déi an kengem Mooss d'Verbreedung vum Coronavirus stoppen kann.

Während der Table ronde sinn natierlech all déi sanitär Instruktiounen vun der Lëtzeburger Regierung respektéiert ginn.

Op dëser Plaz nach en groussen Merci un all eis Invitéen fir d'Deelhuelen an hiren fachlechen Beitrag zur Diskussioun.

Wann iech dës Themen interesséieren an dir net un eiser Journée politique konnt Deel huelen, kënnst dir zu all Moment den vollstännegen Livestream vun der Journée politique op eisem Youtube Channel ACEL Luxembourg ënnert dem Titel „ACEL meets Politics – Krut Schengen seng Grenzen opgewisen?“ an och ënnert folgendem Link erëm fannen: <https://www.youtube.com/watch?v=31w7sIHtCaY>



Dass dëst Studiejoer, fir déi meescht Studenten e ganz speziellt géif ginn, konnt wuel am Januar nach kee viraussoen. Ma wéi d'Pandemie sech bis um europäesche Kontinent verbreet hat, konnten och d'Studenten anen, dass dëst Semester net ënner normalen Ëmstänn géing stattfannen.

NEI GRENZEN AN EUROPA



Lëtzebuerg als Risikogebitt



Mëtt Mäerz war et dunn esou wäit: Déi meescht Universitëten hunn opgrond vun der sanitärer Kris hir Dieren zou-gemaach an et war ongewëss, wéini et erëm géif weidergoen. Fir vill Studenten huet domat eng Zäit ugefaangen, déi vu grousser Ongewëssheet gepräagt war. Et wosst een net, wéini d'Exame kéinte geschriwwen ginn, wéini d'Coursé géife weidergoen a wéini ee fir d'nächst d'Uni géif erëmgesinn. Kuerz gesot: Den Universitätsalltag war op der Kopp. Virun allem war och de Confinement, deen an de meeschte Länner ageféiert gouf, eng Situatioun, déi vill Leit veronséichert huet.

Mee fir vill Lëtzeburger Studenten, déi jo zum groussen Deel am Ausland studéieren, huet sech eng aner grouss Fro gestallt: *Wéi kommen ech elo op Lëtzebuerg?* oder éischter: *Kommen ech iwwerhaupt nach op Lëtzebuerg?*

Dës Froen, déi opkomm sinn, nodeems verschidde Länner aus bis dato on-erklärleche Grënn annoncéiert hunn, dass se hir Grenze géingen zou-maachen, waren net méi legitim a vill Studenten wossten net méi weider. Well d'Veronsécherung ëmmer méi grouss ginn ass, huet d'ACEL zesumme mam Ausseministère probéiert, d'Studenten

esou gutt ewéi méiglech iwwer hir Méiglechkeeten ze informéieren an hinnen ze erméiglechen, zeréck op Lëtzebuerg bei hir Famill ze kommen.

Fir vill Studenten, déi zum gréissten Deel zu der Post-Schengen-Generatioun gehéieren a säit hirer Gebuert ni Grenzkontrolle kannt hunn, war dës Verloscht vu Mobilitéit an Europa sécherlech eng vun de gréisste Cont-rainten. D'ACEL huet sech och während der ganzer Kris duerfir agesat, dass dës Grenzkontrolle sollten ofgebrach ginn an d'Mobilitéit an Europa, déi duerch de Schengenaccord garantéiert war, erëm zum Alldag sollt ginn. Fir d'ACEL ass et kloer, dass fir esou Er-ausfuerderungen ewéi dës Pandemie ze iwwerwannen, eng europäesch Léisung muss fonnt ginn, an net eng Léisung vun Nationalstaaten.

Vum Verloscht vun enger Aarbecht ...

Eng zweet grouss Auswirkung vun dëser Kris huet virun allem déi Studente betraff, déi am normalen Alldag scho mat Schwierigkeeten ze kämpfen hunn, fir hire Studium kënnen ze finanzéieren.

Eng ganz Rei Studente ginn nieft hirem Studium engem Niewenjob no, deen hinnen hëlleft, hir Chargen, déi all Mount ufalen, ze bezuelen. Dës Jobs sinn natierlech zu engem groussen Deel am Restauratiounssecteur oder op der Universitéit selwer. Well d'Restauran-ten a Bare während dem Confinement hu missen zoumaachen an d'Univer-sitéiten zum Deel nëmmen nach eng minimal Aktivitéit assuréiert hunn, goufen déi meescht bestoend Kon-trakter gekënnegt, wat fir vill Studenten natierlech de Verloscht vun hirem Revenu bedeit huet.

Dësen Ëmstand wërft natierlech d'Fro vun der Prekaritéit vun dëse Kontrak-ter op, déi an eisen Nopeschlänner geleeft sinn. Sécherlech ass et méi einfach fir de Patron a fir de Student, fir esou eng Aarbecht ze fannen, al-lerdénge riskéiert de Student am Fall vun enger Kris se och genau esou einfach ze verléieren.

... bis zu befrist Aarbechts-kontrakter zu Lëtzebuerg

Mee och zu Lëtzebuerg, wou befrist Kontrakter fir Studente rechtlech ofge-séichert sinn, de sougenannte „Contrat à durée déterminée pour élève ou étudiant“, deen de Student während dem akademesche Joer kann of-schléissen, goufen Abuse bedriwwen.

Esou war et net onüblech, dass Studente vun hirem Patron matgede-elt kritt hunn, dass se net méi bräichte schaffen ze kommen, well d'Aktivitéit vum Betrib net méi esou héich wier, an dass se och net géife bezuelt ginn. Al-lerdénge gëllt hei ze betounen, dass e CDD fir béid Parteie verpflichtend ass, wann also eng Unzuel vu Stonnen am Kontrakt steet, muss de Student och säi Loun dofir kréien, ausser am Fall vun enger Kënnegung.

Dës eesäitig Decisioun vu verschid-den Employeuren, dass Studente net méi bräichte schaffen ze kommen, huet natierlech och zu grouss fin-anzielle Problemer bei dëse geféiert, ëmsou méi, well dës Zort vu Kontrak-ter et net erméiglecht, vum Chômage ze profitéieren.

Finanziell Ënnerstëtzung fir Studenten

Fir d'ACEL war et kloer, dass Studenten, déi op esou e Revenu ugewise sinn, missten ënnert d'Äerm gegräff kréien, fir ze verhënneren, dass aus der sanitärer Kris eng sozial Kris géif ginn. Esou gouf an enger Kooperatioun mam Ministère fir Héichschoul eng Léisung ausgeschafft, fir dës Problematik entgéintzewierken.

D'Zil vun dëser finanzieller Hëllef war et, de Betreffene schnell a virun allem on-komplizéiert ënnert d'Äerm ze gräifen. Esou gouf decidéiert, den Härtefallan-trag op Leit auszewäiten, déi während der Kris hire Revenu verluer hunn. Déi Léit, déi dës an eng Rei aner Kon-ditiounen erfëllt hunn, haten also d'Méiglechkeet, vun enger zousätzle-cher Hëllef vun 1 000 Euro, opgedeelt op Bourse a Prêt, ze profitéieren.

Dës Measure huet sécherlech fir vill betraffe Studenten dozou bäige-droen, de finanziellen Impakt vun dëser sanitärer Kris ofzefederen an duerfir gesuergt, dass dës Studenten hire Studium konnte weiderféieren.

Dës sanitär Kris hat also e groussen Impakt op de Studenten hiren Alldag, genau esou wéi op de Rescht vun der Populatioun. Duerch kuerzfris-teg Hëlfelefen an eng gutt Kooperatioun mat den zoustännge Ministère konnt d'ACEL eng ganz Rei akut Konseque-nze vun der Kris andämmen an domat de Studenten ënnert d'Äerm gräifen.

Allerdénge gëllt et elo ze verhënneren, dass déi wirtschaftlech Konsequen-zen, déi dës Pandemie wäert mat sech bréngen, vun de Studente gedroe-musse ginn. Duerfir wäert d'ACEL sech och an Zukunft dofir asetzen, dass all Student ouni finanziell Suerge sengem Studium kann nogoen.



AFÉIERUNG VUN ENGEM ZOUSÄTZLECHE SEMESTER BOURSE FIR STUDENTEN



Studentebourse



Eng schnell finanziell Hëllef fir Studenten a prekäre Situatiounen

D'Coronakris, déi säit dem Ufank vum Joer d'ganz Welt beschäftegt, huet och fir d'Studenten aus Lëtzebuerg vill Konsequenze mat sech bruecht. Net nëmmen ass de Studenten hir Mobilitéit staark ageschränkt ginn, mee och de finanzielle Volet huet ville Studente Suerge gemaach. Ënner anerem hu verschidde Jonker hiren Studentenjob verluer, op dee si ugewise sinn, fir sech de Studium finanzéieren ze kënnen. Fir dës Studenten direkt ënnert d'Äerm ze gräifen an ze evitéieren, dass si hire Liebensënnerhalt net méi bezuele kënnen, huet d'ACEL zesumme mam MESR schnell reagiert an de Studenten

d'Méiglechkeet ginn, e sougenannten Härtefallantrag anzereechen, fir eng zousätzlech finanziell Hëllef vum Staat ze kréien. Dësen Härtefallantrag, deen et scho virum Corona ginn ass, ass fir Studente geduecht, déi sech an enger „situation grave et exceptionnelle“ befannen. An esou eng prekär Situation sinn eng Rei Studenten duerch de Verloscht vun hirem Niewenjob gerutscht. Mat wéineg Opwand konnte Studenten, déi hiren Job wéinst der sanitärer Kris verluer hunn, dofir niest der normaler Bourse an dem Prêt nach eng Kéier zousätzlech 1 000 Euro ufroen. Dës 1 000 Euro sinn zu jee 50% op d'Bourse an op de Prêt opgedeelt ginn.

Aus zwee „Bonussemester“ ginn der dräi

D'Coronakris huet awer och mat sech bruecht, dass vill Studenten hir Studien net konnte wéi geplangt weiderféieren. Verschidden Exame sinn ausgefall a hu missen zu engem spéideren Zäitpunkt nogeholl ginn. Och d'Coursé konnten net wéi geplangt stattfannen, wat fir vill Studenten e weidere Problem duergestallt huet. Duerch dës Ëmstänn wäerten eng Rei Studenten hir Studien net wéi geplangt ofschléisse kënnen. Fir dass d'Studenten aus Lëtzebuerg, déi hire Studium duerch déi sanitär Kris musse verlängeren, net ouni finanziell Hëllef do stinn, huet d'ACEL mam MESR schnell eng onkomplizéiert Léisung gesicht, fir alle Studente gerecht ze ginn. All Student huet zwar souwiso schonn zwee „Bonussemester“ zegutt, déi een entweder am Bachelor oder am Master ka benotzen, mee fir och all deenen ënnert d'Äerm ze gräifen, déi dës „Bonussemester“ schonn opgebraucht hunn oder nach e weidert Semester brauchen, huet d'ACEL mam MESR verhandelt, dass all Student, deen am Summersemester 2020 ageschriwwen war, nach en Usproch op e weidert „Bonussemester“ huet.

D'Gesetz vun der Studiebahnhëllef huet dofir misse geännert ginn a gouf der aktueller Situatioun ugepasst. Dës Ännerunge sinn den 1. August 2020 a Kraaft getrueden, wat bedeit, dass d'Studente schonn am Wantersemester 2020/2021 vun dësem zousätzleche Semester profitéieren konnten. Dobäi ass et egal, a wéi engem Zyklus een ageschriwwen ass. Wichteg ze erwänen ass awer, dass ee fir d'éischt op déi zwee „Bonussemester“ zréckgräife kann, déi ee souwiso schonn zegutt hat. Réischt wann dës zwee „Bonussemester“ opgebraucht sinn, huet een Usproch op dat drëtt „Bonussemester“.

Dës drëtt „Bonussemester“ kann ee während sengem ganze Studium an Usproch huelen, och wann een elo réischt am Bachelor ass an dann dono am Master nach en zousätzleche „Bonussemester“ brauch.

E Student, deen also am Bachelor ageschriwwen ass, huet elo dräi „Bonussemester“ zegutt. Dat nämmelech gëllt och fir Masterstudenten, falls si an hirem Bachelor nach kee Bonussemester geholl hunn. Wann een am Bachelor awer schonn zwee „Bonussemester“ gebraucht huet, dann huet een dee Moment am Master just nach ee „Bonussemester“ zegutt.

Konditiounen fir Studenten am Bachelor

Niest der Konditioun, dass all Student am Summersemester 2020 op enger Universitéit oder Héichschoul huet missen ageschriwwen sinn, musse Studenten, déi am éischten Zyklus, also am Bachelor ageschriwwen sinn, ausserdeem eng vun dëse Konditiounen erfëllen, fir kënnen an hirem véierte Joer vun der Bourse kënnen ze profitéieren:

- Op d'mannst 60 ECTS an dem éischten dräi Joer validéiert hunn an dat am nämmeleche Studiegang
- Op d'mannst 30 ECTS no dem drëtte Studiejoer validéiert hunn, falls se sech ëmorientéiert an en neie Studiegang ugefaangen hunn

E grouse Merci

Mir soen dem MESR merci fir säi schnellt Handeln an déi gutt Zesummenaarbecht an dësen ongewëssen Zäiten. Zesummen hu mir schnell eng Léisung konnten ausschaffen, fir dass d'Studenten net am Ree stoe gelooss ginn an et och weiderhi fir jiddereen wäert méiglech sinn, säi Studium ze finanzéieren.

GRATIS COVID-19-TEST-VOUCHERE FIR STUDENTEN!

Säit Mëtt Juli hunn d'Studenten d'Méiglechkeet, Voucheren unzufroen, mat deene si sech e Rendez-vous huele kënnen, fir sech gratis op de COVID-19 testen ze loossen, falls si dat am Kader vun hirem Studium brauchen.

Mee wéi kouw et dozou?

D'Studenten aus Lëtzebuerg sinn dofir bekannt, datt se sech a ganz Europa an doriwwer eraus verdeelen, fir hirem Studium nozegoen a sinn dowéinst op eng grouss Mobilitéit innerhalb vun

Europa ugewisen. Leider ass genau dës Mobilitéit, déi d'Studente brauchen, an de leschte Méint staark ageschränkt ginn. De Grond dofir läit op där enger Säit bei der Coronakris, mee anerersäits virun allem och bei den Entscheedungen a Reaktiounen vun eisen Nopeschlänner, an deene vill Lëtzebuerger Studenten eng zweet Heemescht fonnt hunn. Verschidde Länner hu beschloss, hir Grenzen am Ufank vun der Pandemie zouzemaachen, wat fir d'Studenten e groussen Aschnëtt an hiert Studenteliewe bedeit huet.

Nodeems d'Lëtzebuerger an domat och d'Studente geduecht hunn, si hätten dës Réckschlag hannert sech gelooss, ass et Mëtt Juli nees lassganga, nodeems d'Infektiounsziel zu Lëtzebuerg geklomme sinn. Eng zweete Kéier ass dës Mobilitéit, op déi Studenten ugewise sinn an déi grad fir de 35. Anniversaire vum Schengeraum esou wichteg war, mat Féiss getréppelt



ginn. Dës Kéier sinn d'Grenzen net kategoresch zougemaach ginn, mee verschidde Länner hu Lëtzebuerg als Risikogebitt deklaréiert a wann ee sech net a Quarantän setze wollt, wat zum Deel wéinst dem Studium och net machbar war, huet ee missen e negative PCR-Test virweise kënnen, deen net méi al wéi 48 Stonnen war.

Doropshin huet d'ACEL zesumme mam Héichschulministère esou wéi dem Gesondheitsministère séier eng Léisung fir d'Studenten ausgeschafft. Fir d'ACEL war et immens wichteg, garantéieren ze kënnen, dass all Student d'Méiglechkeet hat, säi Studium weiderzeféieren, ouni grouss Steng an de Wee geluecht ze kréien. Ab Mëtt Juli war et fir d'Studente méiglech, sech gratis testen ze loossen, falls si dës am Kader vun hirem Studium gebraucht hunn. Als éischt konnte Studenten hire Voucher iwwert de Site vun der Santé ufroen. Ab Ufank August huet d'ACEL selwer dës Voucheren, fir sech gratis teste kënnen ze loossen un déi entspreichend Studente verdeelt. Domat konnt eng bürokratesch einfach, mee virun allem séier Léisung fir d'Studente fonnt ginn.

D'ACEL seet den entspreichende Ministère Merci fir déi gutt Zesummenaarbecht!

GUIDE DU FUTUR ÉTUDIANT, DE STUDENTEGUIDE & GUIDE DU FUTUR DIPLÔMÉ

Guide du Futur Étudiant

Du bass am Moment op enger Of-schlossklass am Lycée oder bass souguer scho fäerdeg an du wëlls elo studéiere goen? Dann ass de Guide du Futur Étudiant vun der ACEL genau dat Richtegt fir dech. An dëser Broschür, déi an Zesummenaarbecht mat eise 46 Memberscerclen op d'Been gestallt ginn ass, fënns du eng ganz Rei Informatiounen iwwer Studentestied aus 9 verschiddene Länner.

An dësem Guide sinn déi wichtegst Informatiounen vun deene verschiddene Cerclen iwwert déi verschidde Studiégäng an deene jeeweilege Studentestied zesummegefaasst. Dora steet och bis wéini a virun allem wéi s du dech op deene verschiddenen Universitëten an Héichschoule muss umellen, wéi s du am beschten eng Wunneng fënns a wéi eng Eventer d'Cerclen dat ganz Joer iwwert an hirer Studentestad ubidden. Zousätzlech fënns du natierlech och de Cerclen hir Kontaktdaten, falls du si kontaktéiere wëlls. De Guide du Futur Étudiant informéiert dech och iwwert déi verschidde BTS-Formatiounen, déi s du zu Lëtzebuerg maache kanns.


Donieft gëss du an dësem Guide och informéiert wéi s du fir deng Studie vum Cedies senger Studiebäihëllef profitéiere kanns.

De Guide du Futur Étudiant kriss du alljoers gratis op der Foire de l'Étudiant um Stand vun der ACEL, an all Spuerkeessagence, beim CEPAS, beim Cedies, an der Maison de l'Orientation esou wéi an der Nationalbibliothék an online als PDF: www.acel.lu/gfe

Bei weidere Froe kanns du dech zu all Moment per E-Mail bei der ACEL (contact@acel.lu) oder direkt beim Cercle mellen.

De Studenteguide

Du hues ugefaangen mat studéieren a scho läit en Bréif an der Boîte mat enger Rechnung vum Rundfunkbeitrag oder der GIS oder et fällt schonn eng Taxe d'habitation un? Oder bass du nach op der Sich no enger Wunneng? Dann ass dëse Guide genau dat Richtegt fir dech! Fir dir bei sou an nach bei villen anere Problemer an dengem Alldag als Student ze hëllefen, huet d'ACEL dëst Joer déi zweet Editioun vun hirem de Studenteguide erausbruecht.




An dëser Broschür fënns du eng ganz Rei Informatiounen aus néng verschiddene Länner, déi dir während dengem Studium kënnen nützlich sinn. Sou informéiert dëse Guide dech niewent de Besonneschkeeten an deene Länner och iwwert d'Wunnengssich, d'Finanzéierung vun dengem Studium an d'Krankeversécherungen. Doduerch, dass dëse Guide an Zesummenaarbecht mat eise Memberscerclen entstanden ass, fënns du an dëser Publikatioun Informatiounen aus éischter Hand.

Dëse Guide ass dëst Joer fir déi éischte Kéier un ronn 4 000 Schüler verdeelt ginn, déi hiren Ofschloss am Grand-Duché am Secondaire gemaach hunn.

De Studenteguide fënns du als PDF op eisem Site, ënner folgendem Link: www.acel.lu/de-studenteguide

Mir hoffen dass dëse Guide dir weiderhëllef a wënschen dir vill Erfolleg an dengem Studium.



Guide du Futur Diplômé

Du bass elo fäerdeg mat dengem Ofschloss am Lycée, dengem Studium oder denger Léier a wëlls elo am Berufsliwwen duerchstarten? Da fënns du am Guide du Futur Diplômé all déi wichteg Informatiounen, déi dir dobäihëllefen.

Alljoers bréngt d'ACEL eng nei Editioun vum Guide du Futur Diplômé eraus, fir dir deng éischt Schrëtt um Aarbechtsmarché ze erlichteren.

Hei fënns du eng ganz Réi Informatiounen dozou, wéi s du am beschten eng Aarbecht sichts, wéi deng Kandidatur soll aus gesinn a wat dech an engem Virstellungsgespréich erwaart. Donieft kanns du dech och iwwert de Salaire, d'Pensioun, d'Steieren an de Congé, deen s du zegutt hues, oder doriwwer, wéi s du eng Wunneng oder een Auto finanzéiers, informéieren.

Wëlls du op enger Gemeng schaffen, dech selbstänneg maachen oder souguer Chercheur ginn? Da fënns du an dësem Guide och déi néideg Informatiounen, déi dech um Wee dohi begleeten.

De Guide du Futur Diplômé kriss du all Joer gratis op der Foire de l'Étudiant um Stand vun der ACEL, an all Spuerkeessagence, beim CEPAS, beim Cedies, an der Maison de l'Orientation esou wéi an der Nationalbibliothék an online als PDF: www.acel.lu/gfd



FAQ - VU STUDENTE FIR SCHÜLER

De Schrëtt vum Lycée op d'Uni ass net ëmmer einfach a ganz oft kommen, wann ee sech op enger Uni oder enger Héichschoul aschreiwe wëll, ganz vill Froen op. Dës Froen hu mir fir dech zesummegefaasst a mir hunn och Äntwerten drop ginn.

Mir hoffen, datt mir dir esou schonn op e puer Froen äntwere kënnen an datt s du et esou méi einfach hues, wann s du dech mat den Umeldungen op deene verschiddenen Unien an Héichschoule befaass.

SPROOCHEN:

1. Wéi ee Sproochenniveau hunn ech, wann ech mam Lycée fäerdeg sinn?

Mat engem Diplôme de fin d'études secondaires classiques huet ee folgenden Niveau an deene jeeweilege Sproochen:

- Niveau C1 am Franséischen an am Däitschen
- Niveau B2+ am Engleschen

Mat engem Diplôme de fin d'études secondaires générales huet ee folgenden Niveau an deene jeeweilege Sproochen:

- Niveau C1 am Franséischen an am Däitschen
- Niveau B2 am Engleschen

De Kompetenzniveau bezitt sech hei op d'Héierverstoen, d'Liesverstoen, d'Mëndlecht an d'Schreiwen an deene jeeweilege Sproochen.

Wat bedeiten déi verschidde Sproochenniveauen (A1, A2, B1, B2, C1, C2)?

Dëst ass deen op europäeschem Niveau festgeluechte Referenzkader fir déi verschidde Sproochen, och nach „Geimeinsamer Europäischer Referenzrahmen für Sprachen“, kuerz GER, genannt.

Hei ginn et am Ganze sechs verschidde Stufen, an deenen ee säi Sproochenniveau astufe kann. Hei geet et vum Niveau A1 (Ufänger) bis den Niveau C2 (Expert).

Ënnert folgendem Link fënns du eng genau Erklärung zu deene verschiddene Sproochenniveauen:

https://www.lifelong-learning.lu/Detail/Article/C_omprendre/cadre-europeen-commun-de-refere-nce-pour-les-langues/fr

2. Wou kann ech en offizielle Sproochnoweis ufroen?

Wann ee sech op enger Uni oder enger Héichschoul aschreiwe wëll, brauch een oft en Dokument, dat de Sproochenniveau noweist, deen een huet, wann een aus dem Lycée kënnt. Dëst Dokument kann ee per Mail beim Ministère fir Education, Kanner a Jugend ufroen. Verschidden Unie froen awer och en internationale Sproochnoweis. Dëst ass oft de Fall, wann d'Coursen op der Uni oder der Héichschoul op Englesch ofgehale ginn oder een an en engleschsproochegt Land studéiere geet. Hei ginn et verschidden Tester, déi ee maache kann, fir säin Engleschniveau ënnert Beweis ze stellen. Dozou gehéiert ënner anerem den IELTS-, den TOEIC- oder de CEA-Test. Am beschten informéiers du dech laang genuch am Viraus bei der Uni doriwwer, ob sou een Test muss gemaach ginn a wéi een Test datt s du brauchst.

Hei zu Lëtzebuerg gi sou Tester och am INLL (Institut national des langues) ugebueden. Ënnert folgendem Link fënns du weider Informatiounen: <http://www.inll.lu>.

3. Ass mäin Niveau an de Sproochen iwwerhaapt gutt genuch, fir datt ech an d'Ausland ka studéiere goen?

Am Prinzip huet een no engem Ofschloss am Classique esou wéi och am Général en Niveau, dee gutt genuch ass, fir datt een an e franséisch-, däitsch-, oder engleschsproochegt Land studéiere ka goen an och ouni Problem dat meescht an de Coursë versteet.

FINANZIELL HËLLEF:

1. Kann ee fir all Studium an all Land eng finanziell Hëllef kréien?

Am Prinzip ka jiddereen, deen op enger Uni oder enger Héichschoul ageschriwwen ass, fir engem Studium nozegoen, deen zu Lëtzebuerg unerkannt ass, eng finanziell Hëllef beim Cedies ufroen. Hei ass et wichteg ze wëssen, datt de Cedies net fir all Studium eng finanziell Hëllef ausbezilt. Besonnesch bei privaten Unien oder Héichschoule kann et scho mol sinn, datt dës net beim Cedies unerkannt sinn, an een esou och keng finanziell Hëllef ausbezuelt kritt. Fir datt dir hei richteg informéiert sidd, sollt dir am beschten, ier dir iech op der Uni oder der Héichschoul aschreift, eng Mail un de Cedies maachen, wou dir nofrot, ob dir fir de Studium op der Uni och eng finanziell Hëllef ausbezuelt kritt.

STUDÉIEREN:

1. Ech wëll an Däitschland studéiere goen, an ech muss meng Notten an den däitschen Nottesystem ëmrechne loossen. Wéi geet dat? Wou kann een dat maache loossen?

Fir déi meescht Unien an Héichschoulen an Däitschland muss ee sech iwwert Uni-assist oder Hochschulstart aschreiwen. Dës zwou Institutiounen wandelen ären Notten an den däitschen Nottesystem ëm, esou datt dir do keng extra Demarchë maache musst.

Et ginn awer och verschidden Unien an Héichschoulen, bei deenen ee sech direkt umellt an net iwwert en allgemenge Site firt. Hei ginn d'Notte vun der Uni oder der Héichschoul an den däitschen Nottesystem ëmgerechent.

Wichteg ass och ze wëssen, datt d'Äquivalenznott vun de lëtzebuergeschen Notten am Verglach zu den däitschen Notte vu Bundesland zu Bundesland ännert. Zum Beispill ass eng Nott vu 46/60 net an all Bundesland eng 1,6.

2. Op wéi vill Universitëten an/oder Héichschoule kann ech mech umellen?

Am Prinzip kann ee sech op esou vill Unien an Héichschoulen umellen, wéi ee wëll. Et soll ee sech souguer op méi wéi enger Uni oder Héichschoul umellen, well falls een op enger Uni net géing ugeholl ginn, besteet awer nach ëmmer d'Méiglechkeet, op enger anerer Uni ugeholl ze ginn.

Fir verschidde Länner gëtt et awer eng begrenzten Unzuel vu Studiegäng oder Unien, wou ee sech umelle kann. Dëst gitt dir bei den Umeldungen iwwert dat jeeeweilegt Portal gewuer.

3. Wann ech op méi Unien/Héichschoulen ugeholl gi sinn, bis wéini kann ech mech ofmellen?

Heiansdo kënnt de Fall op, datt ee sech op méi Unien ageschriwwen huet an een och op méi Unien ugeholl gëtt, fir do kënnen ze studéieren. Hei kënnt een dann an de Fall, datt ee sech op deenen Unien ofmelle muss, op deenen een net studéiere wëll. Oft gesinn d'Unien hei e bestëmmten Datum vir, bis wéini ee sech ofmelle kann. Hei ass et also wichteg, sech bei der Uni ze informéieren, bis wéini dat méiglech ass. Verschidden Unie gesinn och een Datum vir, bis wéini een hinne muss Bescheed soen, datt ee sech definitiv aschreiwe wëll, nodeems ee vun hinne gesot krut, datt ee fir de Studiegang ugeholl ginn ass. Och hei variéieren d'Delaie vun Uni zu Uni. Dofir och hei oppassen, bis wéini ee seng Zouso ka raginn.

OFSCHLOSS:

1. Mat wéi engem Lycéesofschloss kann ee studéiere goen?

Am Prinzip kann ee mat engem Ofschloss am Enseignement secondaire classique a secondaire général studéiere goen.

Et ass och méiglech, mat engem Ofschloss vun der Formation du technicien studéieren ze goen. Hei muss een awer nom Ofschloss vum Technicien d'Modules préparatoires pour l'accès aux études supérieures maachen. Méi Informatiounen dozou fënns du ënnert folgendem Link: <http://www.men.public.lu/fr/actualites/articles/communiqués-conference-presse/2018/09/06-modules-preparatoires/index.html>.

WÉI FINANZÉIEREN ECH MÄI STUDIUM?

Studéiere goen, sief et am Ausland oder zu Lëtzebuerg, ass mat Käschte verbonden an dofir gräift de Lëtzebuerger Staat de Studenten ënnert d'Äerm. Zu Lëtzebuerg këmmert de Cedies (Centre de documentation et d'information sur l'enseignement supérieur) sech ëm d'Gestioun vun der finanzieller Hëllef, déi de Staat de Studenten ubitt. Du kanns e per Telefon oder E-Mail kontaktéieren oder einfach am Service, dee vu méindes bis freides op ass, laanschtgoen.



18-20, montée de la Pétrusse
L-2327 Luxembourg
Internetsäit: www.cedies.lu
Tel.: (+352) 2478 – 88628
E-Mail: aide-fi@mesr.etat.lu

WÉI VILL SUEN HUNN ECH ZEGUTT?

Déi finanziell Hëllef vum Staat besteet aus engem Deel „Bourse“ an dem Deel „Prêt“. D'Bourse ass deen Deel, deen een net zeréckbezuele muss. De Prêt muss een no sengem Studium zeréckbezuelen. Et ass jidderengem fräi

iwwerlooss, ob een de Prêt huele wëll oder net.

BOURSE

Basisbourse – 2.050 € pro Joer: All Student, deen op enger Universitét oder Héichschoul ageschriwwen ass, huet heirobber en Urecht.

Mobilitéitsbourse – 2.510 € pro Joer: Kritt all Student, deen ausserhalb vu sengem Wunnsätzland studéiert an do Loyer bezillt.

Sozialbourse – maximal 3.894 € pro Joer: Jee nodeem, wéi héich dat besteierbart Akommes vun den Elteren oder besser gesot, dem Stot ass, an deem een ugemellt ass, kann ee bis zu 3.894 € Sozialbourse kréien. Deen Deel, deen een net kritt, kann een als Prêt ufroen.

Familljebourse – 512 € pro Joer: Kritt all Student, deen e Brudder oder eng Schwëster huet, deen oder déi am selwechte Stot ugemellt an och op enger Uni ageschriwwen ass. Dësen Deel vun der Bourse kritt een nëmmen am Summersemester ausbezuelen.

Studiefraisien – maximal 3.700 € pro Joer: D'Aschreiwungs- a Studiekäschte vun 100 € bis zu maximal 3.700 € ginn zu jee 50% op d'Bourse an op de Prêt opgedeelt. Hei ginn allerdéngs 100 € fir Dossierskäschtchen ofgehalen.

Härtefall – 1.000 € pro Joer: Sollt een sech an enger „situation grave et exceptionnelle“ befannen, kann een eng zousätzlech finanziell Hëllef vun 1.000 € ufroen, dëst an engem Bréif

un de „Ministère de l'Enseignement supérieur et de la Recherche“ adresséiert, an deem een seng Situatioun erkläert. D'Sue ginn zu jee 50 % op d'Bourse an op de Prêt opgedeelt. Diskutéiert ginn d'Härtefall an der Commission consultative de l'aide financière, an där ënner anerem och d'ACEL vertrueden ass.

PRÊT

6.500 € bis 10.394 € pro Joer: All Student ka 6.500 € Prêt ufroen. Deen Deel vun der Sozialbourse, deen een net kritt, kann een och als Prêt ufroen, deen domat op bis zu 10.394 € klamme kann. Dësen ass op maximal 2% Zënse gedeckelt an ass zwee Joer nom Studium an enger maximaler Zäitspann vun zéng Joer zrëckzebezuelen.

WICHTEG: Dës Montante kënnen jee nom Index variéieren.

DEADLINE:
Wantersemester:
vum 1. August bis den
30. November

Summersemester:
vum 1. Januar bis den
30. Abrëll
WICHTEG!

All Dossier, deen net komplett ass, gëtt eréischt ganz zum Schluss traitéiert!

Fro deng Bourse och am beschten den éischte Mount schonn un, well do sinn d'Waardezäiten net esou laang ewéi kuerz virun der Deadline.

WAT MAACHEN ECH, WANN ECH KENG ADRESS MË ZU LËTZEBUERG HUNN?

Wann s du op déi Studiebahnhëllef vum Staat zeréckgräife wëlls, brauchst du eng Adress zu Lëtzebuerg. Hues du awer keng Adress zu Lëtzebuerg well s du zum Beispill aus dem Foyer kënns oder net méi d'Méiglechkeet hues, bei dengem Elteren ze wunnen, kanns du dech an der Maison Eisenborn vum Service National de la Jeunesse (SNJ) umellen. Esou behäls du eng Residenz zu Lëtzebuerg, wat dir erméiglecht, d'Bourse beim Cedies unzefroen.

Hei hues du och d'Méiglechkeet, während de Weekender oder an de Vakansen ee vu 17 Zëmmer ze lounen an do ze wunnen. Zu deenen Zëmmeren zielen eng Gemeinschaftskichen, en Openthaltsraum an e Gemeinschaftsbuedzëmmer. De Loyer ass relativ gönschteg an erlaabt et engem, seng Wunneng am Ausland weiterzebezuelen. Du kanns awer och just e Raum kréien, fir deng perséinlech Saachen ënnerzestellen.

Déi eenzeg Krittären, déi een als Student muss erfëllen, fir seng Demande beim SNJ kënnen ze maachen ass, dass ee muss am Ausland studéieren, dass ee keng Adress zu Lëtzebuerg dierf hunn an dass ee wëlls huet, e Lien zu sengem Ëmfeld zu Lëtzebuerg oprecht ze erhalen.

Wann s du an esou engem Fall bass oder eng Persoun kenns, fir déi d'Maison Eisenborn eng Hëllef kéint sinn, da mell dech iwwer d'Adress maison.eisenborn@snj.lu oder besich hire Site www.maisoneisenborn.lu.

STUDIENINFORMATIOUNEN

D'Schüler vun den Ofschlossklasse sti virun enger wichteger Entscheedung. Et stellt sech d'Fro, ob se no hirem Ofschloss schaffen oder studéiere goe wëllen. D'ACEL geet reegelméisseg an déi verschidde Lycéeën uechtert d'Land, fir d'Schüler ze informéieren an hinnen hir Froen, wat d'Studiegäng, d'Unien an d'Héichschoulen, d'Wunnengssich, de Finanzement vun hirem Studium an d'Studenteliewen ubelaangt, ze beäntweren.

Fir en erfollegräicht Studium ze garantéieren ass et nämlech wichteg, sech net nëmme Gedanken iwwer d'Studierichtung, mee och iwwer d'Studieplaz ze maachen.

Dofir deelt d'ACEL hir verschidde Publikatiounen aus. Dës sollen de Schüler op hirem Wee an d'Studenteliewen, während hirem Alldag als Student oder bei hiren éischte Schrëtt um Aarbechtsmarché hëllefen. Heibäi handelt et sech ëm de Guide du Futur Étudiant, de Studenteguide an de Guide du Futur Diplômé.

Falls Dir drun interesséiert sidd, dass mir och an Äre Lycée kommen, an lech op Äre Froen oder d'Froe vun Äre Schüler äntweren, kënnt Dir lech gäre bei eis ënnert contact@acel.lu mellen.





D'ACEL

a seng Cerclen



Dëst Joer fënnt d'Foire de l'Étudiant den 12. an 13. November 2020 vun 09:00 bis 18:00 Auer digital statt. Och dëst Joer ass d'ACEL erëm mat hire Memberscercle mat dobäi fir dir all deng Froe ronderëm Studéieren an d'Studenteliewen an 9 verschiddene Länner ze beäntweren.

Den 12. November tëscht 13:00 a 14:00 Auer hält d'ACEL ee Webinar zum Thema „How to CV? – Op wat muss ech beim Opsetze vu mengem Liewenslaf oppassen?“. Hei hues du d'Méiglechkeet praktesch Tipps ze kréien an deng Froen ze stellen.

Weider Informatiounen zu de Webinar wéi och zur Foire fënns du schonn ab dem 9. November 2020 ënnert folgendem Link: www.studentefoire-goes-digital.lu

Vie étudiante



ACEL



Bibliothéikswiesen



Droit



Ingenieur



Kommunikatioun



Medezin



Psychologie

Däitschland



Freiburg



Kaiserslautern



Karlsruhe



Köln



München



Oochen



Rhein-Main



Saarbrücken



Tréier



Berlin



Bonn



Düsseldorf



Heidelberg



Würzburg



Hamburg

Frankräich



Aix-en-Provence



Montpellier



Nanzeg



Paräis



Stroossbuerg

Belsch



Bréissel



Léck



Louvain-la-Neuve

Schwäiz



Fribourg



Zürich

Groussbritannien



Groussbritannien



Aberdeen

Éisträich



Innsbruck



Wien

Holland



Holland

USA



Ohio

Weider Cercle vun der ACEL (leider sinn dës Cercen dëst Joer net op der Foire dobäi)



Ekonomie



Geschicht



LBS



Bingen



Lausanne



LSU



Bastnech



St. Gallen



RÉCKBLÉCK OP D’SUMMERSEMESTER 2020

Als éischt Event vum Joer hat de Cercle vu Freiburg am Februar d’Studenten op säi Schi-Weekend zu St.Stephan agelueden. D’Participanten haten daags-iwwer d’Méiglechkeet, Schi oder Snowboard ze fueren an awer och wanderen ze goen. Owes konnt een dann zesummen am Chalet feieren an och do schlofen.

Ufanks Mäerz huet de Lécker Cercle op säin Intercercle Saint-Toré invitéiert. Dëst ass e risege Cortège, un deem Studente vu Léck mat hire Ween kënnen

deelhuelen. Dono ass den Dag mat engem Fräibéier ausklénge gelooss ginn. Deen aneren Dag ass den Intercercle mat der grousser Open-Air-Party „Trottis“ ofgeschloss ginn.

Leider hu missen ab Mëtt Mäerz vill Eventer wéinst dem COVID-19 ofgesot ginn. Och déi zwanzegst Editioun vum Studentebal ass aus dësem Grond an d’Waasser gefall. Fir déi méi langweileg Zäit vum Confinement ze iwwerbrécken, huet d’ACEL Quizowender iwwer Instagram organiséiert. Iwwer dräi Owenter sinn an der Instagram-Story Froen aus verschidde Kategorien online gesat ginn. Sou konnten eis Studente gemittlech vun doheem aus hir Froe beäntweren. Iwwer 200 Participanten hunn u béiden Instagram-Quizowender deelgeholl. Déi dräi Participanten mat deene meeschte richtegen Äntwerte goufe mat engem ACEL-Package oder engem Bong, dee se an engem Café kënnen aléisen, belount.

Vu datt de Coronavirus méi laang ugehalen huet wéi am Ufank geduecht, hunn d’Reegele vun den Intercerclë missen iwwerduecht an ugepasst ginn. Normalerweis zeechent sech en Intercercle doduerch aus, datt d’Studenten aus verschiddeenen Unisstied sech zesummen an enger Stad treffen an zesumme feieren. Wéinst der Ustiechungsgefor vum COVID-19 war et awer net méi méiglech, dës Eventer ze organiséieren. Fir weiderhin d’Kontakter tëschent de Studenten oprechtzëerhalen, si mir op virtuell Intercerclen ëmgestigen. Amplaz sech an enger Studentestad ze treffen, hu sech d’Intercercle-Participanten op enger Online-Plattform getraff. Sou ass et dem Karlsruher Cercle gelungen, am Juli den éischte virtuellen Intercercle ze organiséieren, nämlech eng Heemrees mam Vëlo. Traditionell huet de Cercle d’Studenten dofir ëmmer op Karlsruhe agelueden. Vun do aus sinn d’Studenten dann zesummen op Lëtzebuerg heemgefuer. Dat war awer dëst Joer net méiglech. Fir d’Coronamesuren anzehalen, hunn d’Karlsruher Studenten dozou motivéiert, e ganze Weekend vun doheem aus oder an der Studentestad a kleng Gruppe Vëlo fueren ze goen. Als éischt hunn d’Participantë sech an engem Zoom-Meeting ofgeschwat. Da si se a kleng Gruppe vu Lëtzebuerg, Berlin a Karlsruhe gestart. Sou konnten um Enn am Ganze 4 500 km gefuer ginn.

Nodeems d’Hygiënesmesure lues a lues opgelockert goufen, konnt den ACEL-Quizowend vum Abrëll an de September verréckelt ginn. Fir de Coronamesurë gerecht ze ginn, huet d’Unzuel vun de Participantë staark reduzéiert misse ginn. Trotzdem war de Quizowend e richtegen Erfolleg. A kleng Gruppe vun dräi bis véier Leit konnten d’Participanten hiert Wëssen ënner Beweis stellen. Vu wëssenschaftleche Froen bis Fun Facts war fir jiddereen eppes dobäi. Nom Quiz ass den Owend da gemittlech mat engem Patt ausklénge gelooss ginn.



VIRTUELLE STUDENT FIR 1 DAG 2020


De Student fir 1 Dag ass alljoers déi perfekt Geleeënheet, de Lycéesschüler an der Ouschtervakanz ze weisen, wat se op der Uni erwartet. Et kann een op enger oder méi Dagesreesen deelhuelen an déi verschidde Studentestied besichen. Als Schüler, besonnesch op 1^{ère} steet ee viru wichtege(n) Entscheedunge fir d'Zukunft: soll ee studéiere goen oder net? Op wéi eng Uni? Wéi ee Studium ass de richtege fir mech?

De Projet „Student fir 1 Dag“ bitt eng eemoleg Geleeënheet, d'Unien an d'Unis-tied op eng ganz besonnesch Aart a Weis kennen ze léieren an deene Jonke bei hirer Entscheedung ze hëllef.

Beim Student fir 1 Dag hunn d'Lycéesschüler d'Méiglechkeet, moies mam Bus vu Lëtzebuerg aus an déi verschidde Studentestied ze fueren an dann op der Plaz vum Studentecerclen accueilléiert ze ginn an do déi wichtegsten Informatiounen zur Studienoffer, de Coursen, dem Studenteliwe wéi och zum Cercle ze kréien. Hei kréien d'Schüler och déi wichtegste Gebaier vun den Unien esou wei vun den Héichschoule gewisen, wéi och déi schéinsten Ecker vun der Studentestad.

Am Kader vum Student fir 1 Dag stinn och verschidden Dagesreesen um Programm déi op eegen Initiative mussen ugefuer ginn, a wou d'Schüler op der Plaz vum Studentecerclen encadréiert ginn. Dëst ass de Fall fir déi Stied déi méi wäit fort leien, wei München, Berlin, Fribourg, Innsbruck, Wien an Zürech.

Duerch d'Verbreedung vum COVID-19 konnt de Student fir 1 Dag net an deenen 22 Studentestied stattfannen, déi dëst Joer um Programm stoungen. Fir de Schüler awer d'Chance ze ginn, sech mat de Studenten aus deene verschiddene Stied auszetauschen an wichteg Informatiounen ronderëm d'Studenteliwen an déi verschidde Studiegäng ze kréien, huet d'ACEL de Student fir 1 Dag dëst Joer virtuell organiséiert. Hei haten d'Schüler vum 27. Abrëll bis den 9. Mee d'Méiglechkeet un 21 verschiddene Videokonferenzen deelzehuelen an sech während 2 Stonne mat de Cercle wei och mat der ACEL auszetauschen. D'Zil war et während de Videokonferenzen op all méiglech Froen vun de Schüler ze äntweren an hinnen d'Méiglechkeet ze ginn sech och vu wäitem aus e Bild vun hirer zukünftiger Unisstad ze maachen.



Am Ganzen hunn bei dësem Format 108 Schüler matgemaach. Um Programm stoungen 21 Videokonferenzen: de 27. Abrëll stounge Freiburg, München an Oochen um Programm, den 28. Abrëll Karlsruhe, Zürech an Heidelberg, den 29. Abrëll Tréier an Innsbruck, den 30. Abrëll Léck, Stroossbuerg a Saarbrücken, den 1. Mee Bréissel, Wien a Fribourg, den 2. Mee Bonn, Berlin a Köln, den 3. Mee Maastricht a Frankfurt an zu gudder Lescht den 9. Mee Nanzeg a Kaiserslautern.

Op dëser Plaz wëlle mir och nach eng Kéier eise Membercerclë Merci soen, déi beim virtuelle Student fir 1 Dag matgemaach hunn, a fir en informativen Austausch gesuergt hunn.

Mir hoffen, dass mir an der Ouschtervakanz 2021 de Student fir 1 Dag erëm sou organiséiere kennen, dass d'Schüler sech hir zukünfteg Studentestad kennen op der Plaz ukucken.

Du wëlls gäre studéiere goen, mee du weess nach net wat dech op der Uni erwartet? Du weess net wou s du wëlls studéiere goen a wéi eng Uni déi richtig fir dech ass? Dann sief och du Student fir 1 Dag a maach d'nächst Joer an der Ouschtervakanz um Student fir 1 Dag mat.

Hei nach wichteg Informatiounen:

Bis wéini kann een sech umellen?

Bis zu 2 Schaffdeeg virun der Rees, d'Plazen si limitéiert, déi éischt si fir!

Wat ass alles am Präis mat dran?

Bei all Rees ass de Programm an der jeeweileger Stad souwéi e Mëttesiessen am Präis mat dran. Zousätzlech ass bei de Stied (mat Ausnam vun Innsbruck, Wien, München, Fribourg, Berlin an Zürech) och den Transport mam Bus am Präis mat dran.

Ech sinn net op 1^{ère}, dierf ech awer deelhuele?

Jo, jiddereen de wëll dierf um Student fir 1 Dag deelhuele.

Ween organiséiert de Student fir 1 Dag?

De Student fir 1 Dag gëtt vun der ACEL an Zesummenaarbecht mat de Cercle an de jeeweilege Stied, souwéi Voyages Emile Weber organiséiert. An der Studentestad ginn d'Schüler déi ganzen Zäit vun de Lëtzebuerger Studenten aus der jeeweileger Stad encadréiert.

STAGËGESETZ

D'Covid-19-Kris huet eis am Fréijoer alleguer vun den Universitëiten an d'Home-Offices plënnere gelooss an eist d'Studenteliewe verännert. Natierlecherweis huet an där Zäit de Coronavirus sämtlech Noriichtemissiounen an Zeitungen dominéiert.

Niewent de News ronderëm ofgesoten Events, d'Quarantaine, d'Infektiounszuelen an d'Hygiëneskonzepter huet eis awer och eng gutt Noriicht erreecht.

D'Chamber huet d'Stagëgesetz gestëmmt!

Domat gouf elo fir déi éischte Kéier e juristesche Kader opgesat, deen zu Lëtzebuerg d'Relatioun tëschent Stagiairen a Patrone festsetzt.

Wat heescht dat elo?

Virun dräi Joer gouf am Kader vun der REEL zu Köln/Bonn d'Thematik vum Stagëgesetz eng éischte Kéier ugeschwat. Op der traditioneller Table ronde, un där och den deemolegen Aarbechtsminister Nicolas Schmit deelgeholl huet, ware sech alleguer déi Bedeelegt séier eens: Et gëtt Handlungsbedarf zu Lëtzebuerg.

Den neie juristesche Kader ënnerscheet tëschent zwou Stagëkategorien, op déi sech d'Gesetz bezitt: déi konventionéiert Stagen an déi praktesch Stagen.

Déi konventionéiert Stagen (stages conventionnés) betreffen dobäi all d'Stagen, déi een am Kader vu der Formation muss maachen.

Déi praktesch Stagen (stages pratiques) betreffen all déi fräiwëlleg Stagen, déi een ausserhalb vum Studium mécht.

Ee Punkt vum Stagëgesetz bezitt sech op d'Aféiere vun der Stagëkonventioun.

D'Stagëkonventioun (convention de stage) ass en obligatorescht Dokument, dat am Kader vu lëtzebuergesche Stagë muss ënnerschrifwe ginn.

An dësem Dokument befanne sech eng Rei Informatiounen, déi relevant fir de Stage sinn. Heizou gehéieren Angaben, Limitatiounen an Informatiounen wéi:

- D'Aktivitéiten, déi de Stagiaire muss duerchféieren
- Den Zäitraum, also den Ufanks- an Enddatum vum Stage, esou wéi déi maximal Unzuel vu Stonne pro Mount, während deenen de Stagiaire muss op der Plaz sinn
- Et soll gekläert sinn, ënnert wéi enge Modalitéiten de Stagiaire dierf feelen, a wat seng Indemnisioun ass
- Den Numm vum Tuteur, deen de Stagiaire während der Stagëperiod betreit
- D'Virdeeler vun deenen e Stagiaire a senger Stagenzäit duerch d'Entreprise ka profitéieren
- D'Sozialversécherungen, duerch déi de Stagiaire während sengem Stage gedeckt ass, ënnert anerem, wat d'Assurance géint (Aarbechts-)Accidenter betrëfft

An zum Schluss mussen och d'Modalitéite gekläert ginn, wat d'Fristen an d'Prozeduren ubelaangt, déi mussen agehale ginn, falls de Kontrakt virum regulären Enn vum Stage misst ofgebrach ginn.

Fir dës Konventioun brauch een an de konventionéierte Stagen d'Ënnerschrëft vum Patron, dem Stagiaire an deem senger Héichschoul oder Universitët.

An de praktesche Stagë geet et duer, dem Stagiaire an dem Patron seng Ënnerschrëft ze hunn.

E weidere Punkt, deen am Stagëgesetz festgeluecht gouf, ass d'Remuneratioun vun de Stagen.

Bei der Remuneratioun gëtt tëschent obligatoreschen a fakultativen (prakteschen) Stagen ënnerscheet.

Obligatoresch Stagë vun der Universitët oder Héichschoul mussen ab enger Dauer vu véier Woche mat 30% vum onqualifizéierte Mindestloun remuneréiert ginn.

Bei praktesche Stagen ab enger Dauer vu véier Woche bis dräi Méint gi 40% vum onqualifizéierte Mindestloun ausbezult.

Praktesch Stagë vu méi wéi dräi Méint gi mat 75% vum onqualifizéierte Mindestloun bezult.

Praktesch Stagë beim nämmelechte Patron dierfen eng maximal Dauer vu sechs Méint hunn.

Sollt de Stagiaire allerdéngs en erfollegräichen Ofschloss vun engem éischten Héichschoul-Zyklus hunn, dann ännert d'Basis, op där sech d'Rechnung vum Salaire bezitt, op de qualifizéierte Mindestloun.

Wéi gesot, huet all Stagiaire e Recht op en Tuteur, deen de Stage superviséiert an och als Uspriechsan Integrationspartner an der Entreprise schafft. Ab engem Stage vu véier Woche, muss och e Bilansgespräch geféiert ginn.

An dësem Gespréch soll de Stagiaire e Feedback iwwert d'Leeschtinge kréien, déi en am Stage erbruecht huet, a gesot kréien, wat e gutt a wat e schlecht gemaach huet. Dëst Gespréch soll dem Stagiaire kloermaachen, a wéi enge Beräicher e sech nach verbessere kann.

D'Orientéierungsstagen tëschent dem Ofschloss am Secondaire an dem Ufank vun engem Bachelorstudium oder tëschent dem Bachelor- an dem Masterstudium si méiglech, se sinn allerdéngs op maximal sechs Méint pro Joer limitéiert. Stagen, déi sech ëmmer rëm op en Neits verlängeren, si vum Gesetz verbueden. Dës Measure soll verhënneren, dass Stagiairen als dauerhaft, bëlleg Vollzäit-Aarbechtskraaft agesat ginn, wat engem Abus entsprécht.

Stagë kann een allerdéngs net zu all Moment maachen. Am Stagëgesetz ass festgesat, ab wéi engem Moment ee keng Stagë méi dierf maachen. Stagen no engem Master-Diplom sinn net méi méiglech, hei sollen d'Leit direkt e CDD oder e CDI vum Patron offréiert kréien.

D'Stagëgesetz betrëfft u sech all d'Stagiaren, déi e Stage zu Lëtzebuerg wëlle maachen, ausser Studenten, déi grad engem Studium fir e „réglementéierte Beruff“ noginn, Formatiounen, déi ënnert d'Gesetz vun der Formation professionnelle falen (beispillsweis Affekoten, Dokteren, Therapeuten, Léierpersonal, etc.) a Schnupperstagen déi am Lycée gemaach ginn.

Bei weidere Froen a fir weider Informatiounen kënnt dir lech gär zu all Moment mat eis a Verbindung setzen, sief et iwwert Facebook, Instagram a LinkedIn oder via E-Mail iwwert d'Adress contact@acel.lu.



DER ACEL HIR MEMBER- CERCLEN

Fachspezifesch Cerclen

ALEM

Association Luxembourgeoise des
Etudiants en Médecine
contact@alem.lu



ALEP

Association Luxembourgeoise des
Etudiants en Psychologie
contact@alep.lu



ANEIL

Association Nationale des Etudiants
Ingénieurs Luxembourgeois
contact@aneil.lu



ANELD

Association Nationale des Etudiants
Luxembourgeois en Droit
contact@aneld.lu



ANESEC

Association Nationale des Etudiants en
Sciences Economiques et Commer-
ciales
info@anesecl.lu



ELSIC

Cercle des étudiants luxembourgeois
en Sciences de l'Information et de la
Communication
info@elsic.lu



HISTORIC.UL

Association des Etudiants en
Histoire du Luxembourg
historic.ul1@gmail.com

JONK BAD

Bibliothéikswiesen-, Archivistik-
an Dokumentatiouns-Studenten
info@jonkbad.lu



LBS

Lëtzebuurger BTS Studenten
lbs@bts.lu

Lännerspezifesch Cerclen

Däitschland

AEK

Amicale des Etudiants
Luxembourgeois à Karlsruhe
contact@aelk.lu



ALESONTIA

Lëtzebuurger Studenten zu Bonn
kontakt@alesontia.lu



AVL

Akademischer Verein d'Lëtzebuurger
comite@avl.lu



LSB

Lëtzebuurger Studenten zu Bingen
ls-bingen@outlook.de



LSC

Lëtzebuurger Studentclub Cölln
lsc.comite@gmail.com



LSD

Lëtzebuurger Studenten zu Düsseldorf
lsdcomite@gmx.de



LSH

Lëtzebuurger Studenten zu Heidelberg
lsd.comite@gmail.com



LSHH

Lëtzebuurger Studenten zu Hamburg

LSK

Lëtzebuurger Studenten
zu Kaiserslautern
info@lsk.lu / comite@lsk.lu



LSM

Lëtzebuurger Studenten zu München
comite@lsm.lu



LSRM

Lëtzebuurger Studenten am
Rhein-Main-Gebitt
info@lsrm.lu



LSS

Lëtzebuurger Studenten zu
Saarbrücken
lss.comite@outlook.com



LST

Lëtzebuurger Studenten zu Tréier
comite@lst.lu



LSWÜ

Lëtzebuurger Studenten zu Würzburg
lswue.info@gmail.com



SLUF

Studente vu Lëtzebuerg op der
Uni Freiburg
comite.sluf@gmail.com



VLIB

Verein Luxemburger Studenten in
Berlin
comite.vlib@gmail.com



AELP

Association des Etudiants
Luxembourgeois à Paris
contact@aelp.lu

ALUS

Association des Luxembourgeois aux
Universités de Strasbourg
contact@alus.lu



CELM

Cercle des Etudiants Luxembourgeois
à Montpellier
celm.comite@gmail.com



ELAN

Etudiants Luxembourgeois à Nancy
elan.comite@gmail.com



LËTZ'AIX

Association des Etudiants
Luxembourgeois à Aix-en-Provence
comite@letzaix.com

Belsch

CELB

Cercle des Etudiants Luxembourgeois
à Bruxelles
comite@celb.lu



CELBAS

Cercle des Etudiants Luxembourgeois
de Bastogne
celbas2014@hotmail.com



GDL

Grand-Ducale à Louvain-la-neuve
grand-ducale@hotmail.com



LËSTLÉ

Lëtzebuurger Studenten zu Léck
comite@lestle.lu

Schwäiz



AELL

Association des Etudiants
Luxembourgeois à Lausanne



FRIBLËTZ

Lëtzebuerger Studenten zu Fribourg
comite@fribletz.lu



LSSG

Lëtzebuerger Studenten zu St.Gallen
lsstgallen@gmail.com

LSZ



Lëtzebuerger Studenten zu Zürich
comite@lsz.lu

Groussbritannien



LSA

Lëtzebuerger Studenten zu Aberdeen
lsabdnccircle@gmail.com



SLSB

Society of Luxemburgish Students in
Britain
slsbritain@gmail.com

Eisträich



LSI

Lëtzebuerger Studenten zu Innsbruck
contact@lsi-students.at



LSW

Lëtzebuerger Studenten zu Wien
lsw@lsw.lu

Holland



LSNL

Luxembourgish Students in
the Netherlands
comite.lsnl@gmail.com

Lëtzebuerg



LSU

Lëtzebuerger Studenten vun
der LUNEX
lsu@stud.lunex-university.net



LUAM

Luxemburgish Students at
Miami University
luxstudents@miamioh.edu

RÄTSEL ZOOM 2020

Léis dëst Rätsel a schéck eis deng gescannte Versioun bis den 13. Dezember op d'E-Mail-Adress contact@acel.lu, fir 1 vun 3 Consommationsbongen am Wäert vu 30 Euro an 3 verschiddene Caféen ze gewannen.

1. A wéi engem Mount fënnt der ACEL hir Rentréespressekonzferenz statt?

2. A wat fir enger Stad studéieren déi meescht Comitésmembere vun der ACEL?

3. Wou hat d'ACEL dëst Joer hir Klausurtagung am März?

4. Wéi heescht der ACEL hir Vizepresidentin Informatioun mam Virnumm?

5. A wéi enger Stad hätt d'REEL 2020 solle stattfannen?

6. Wou kann een sech zu Lëtzebuerg als Student umellen wann een am Ausland studéiert a keng Adress méi zu Lëtzebuerg huet?

7. Wéi ee Cercle huet den éischte virtuelle Intercercle gemaach? (Ofkierzung)

8. A wéi enger Form fënnt d'Foire de l'Etudiant 2020 statt?

9. De wéiville Studentebal hätt sollen 2020 stattfannen?

10. Wien ass der ACEL hiren offizielle Partner?

11. Mat wéi engem Minister hu mir déi éischte Kéier op der REEL Köln/Bonn iwwert d'Stagësgesetz geschwat? (Familljennumm)

12. Wéi vill Fachspezifesch Cercle ginn et?

13. Wéi een ACEL-Event huet am September stattfonnt?

14. Wou huet der ACEL hir Journée politique stattfonnt?

15. Wat fir en Déier huet de CELM am Logo?

16. Ab wéi engem Mount konnten d'Studenten e Voucher fir e gratis COVID-19-Test bei der ACEL ufroen?

17. Wéi een net-EU-Land war dëst Joer um Virtuelle Student fir 1 Dag vertrueden?

18. Wien ass de jéngste Comitésmember vun der ACEL? (Virnumm)

19. Wéi ee Fachberäich representéiert d'ANELD?

20. Wou hätt d'Soirée chique vun der Réunion Européenne des Étudiants Luxembourgeois (REEL) dëst Joer solle stattfannen?

ä = ae
ü = ue
ö = oe

13

10

10

11

4

8

7

11

16

6

8

13

20

3

1

17

5

4

2

7

9

18

9

5

14

12

6

15

1

3

1

2

3

4

5

6

7

8

9

10

11

IMPRESSUM

EDITEUR

Association des Cercles d'Étudiants
Luxembourgeois (ACEL)

2, avenue de l'Université
L-4365 Esch-sur-Alzette

Tel.: (+352) 20 60 84 84
www.acel.lu | contact@acel.lu

OPLAG

70.000 Exemplairen

KOORDINATIOUN

Christelle MAY

REDAKTIOUN

ACEL Comité

Fir d'Form an den Inhalt vun den Artikelen
sinn eleng d'Auteurs verantwortlech.

D'ACEL seet all de Leit, déi un dëser
Edition matgeschafft hunn,
e grouse Merci

FOTOEN

ACEL, Michel LOGELING

LAYOUT

Saint-Paul Luxembourg S.A.

PUBLICITÉIT

Saint-Paul Luxembourg S.A.

Op der sich no enger

AARBECHT

oder engem

STAGE?

Job Portal

...

op
acel.lu/jobs



JE N'ÉTUDIE PAS UNIQUEMENT MON LOOK



Avec **Axxess Study**, vous profitez de cartes de crédit, d'une carte de débit Axxess valable partout en Europe, de solutions de financement pour vos études et de multiples autres avantages. Pour garder votre look et faire de votre parcours une réussite. Pour les jeunes de **18 à 30 ans** : conditions et infos sur **axxess.lu**



SPUERKEESS.LU